# Nationalbibliothéik www.bnl.lu

Guy Engels

Fir d'éischt déi positiv Nouvelle: d'Nationalbibliothéik huet hier Internetsäit opgefrëscht. Virun e puer Woche gouf déi aktualiséiert Versioun vu www.bnl.lu offiziell presentéiert. D'Offer ass elo nach méi breetgefächert a beschränkt sech net nëmmen op d'Sich no Bicher. De Benotzer vun der Internetsäit gëtt iwwer Manifestatioune vun der Nationalbibliothéik informéiert, hie gëtt gewuer, wann nei Publikatiounen erauskommen respektiv nei Bicher oder Kollektiounen an de Stock vun der Bibliothéik ginn, an e ka sech iwwert Aarbechtsplazen an der Bibliothéik informéieren.

Virop steet allerdéngs de Service um Lieser, un allen, déi no Bicher, Zäitschrëften, Universitéitsaarbechten oder ale Manuskripter sichen.

Den Utilisateur vu www.bnl.lu gëtt nach méi wéi virdru bei der Hand geholl, kritt allméiglech Sichhellëfen ugebueden, fir sech nach méi konkret, méi verdéift iwwert e Sujet an déi dozou passend Literatur z'informéieren. De Virdeel vun der Bestellung online läit op der Hand: jidderee kann dat a Rou an onofhängeg vun Ëffnungszäite via säin eegene PC maachen, ouni musse laang an de Karteikaarten erëmzewullen, wat dacks eng Gedoldssaach ass, wa grad vill Leit an der Bibliothéik sinn.

Mä och fir d'Nationalbibliothéik huet dës modern Praxis Virdeeler, well et bei de Katalogen an och am Guichet vum Prêt kee Gedrécks méi gëtt.

Zudeem weess ee bei enger virtueller Sich am Katalog ganz séier, op dat jeeweilegt Buch am Ablack ze kréien ass – a wann net, a wéi enger anerer Lëtzebuerger Bibliothéik et zur Verfügung steet.

A Saache Recherche am Katalog ass d'Nationalbibliothéik also op deem neiste Stand – an domadder wäre mer och scho bei deenen negative Schlagzeile vun deene leschten Deeg: de Plazmangel, deen ëmmer méi akut gëtt.

Et ass jo scho laang gewosst, datt d'Gebai um Parvis vun der Kathedral aus allen Néit platzt, datt vill Bicher einfach a Këschte verpaakt sinn, well et keng Plaz gëtt fir eng bibliothekaresch korrekt Lagerung. Am Keller läit ee Kilometer Bicher, déi amgaang sinn ze vermuuschten, well déi klimatesch Bedingunge schlecht sinn.

**Während d'Bibliothéik sech via Internet no baussen opmécht an doduerch e frësche Wand an d'Haus kënnt, ass de Keller net geläft, an d'Bicher sinn am Ablack net méi ze gebrauchen.**

Während d'Bibliothéik sech via Internet no baussen opmécht an doduerch e frësche Wand an d'Haus kënnt, ass de Keller net geläft, an d'Bicher sinn am Ablack net méi ze gebrauchen. Eng Spezialfirma muss déi betraffe Publikatiounen elo opwänneg restauréieren – wat net nëmmen Zäit kascht, mä och nach vill Suen.

D'Kulturministesch huet ugekënnegt, et géif och no den Ursaache vum Zerfall gesicht a Remedur geschafe ginn.

All dat ass um Enn awer nëmme Geflécks a Gepléischters, an et déngt näischt, wann net endlech de Fong vum Problem ugepaakt gëtt: **eng nei Nationalbibliothéik.**

Wéi d'Bibliothéik 1973 vum Boulevard Royal eriwwer an deen ale Kolléisch geplënnert ass, du war dat, well d'Raimlechkeeten net méi adaptéiert waren. 37 Joer méi spéit ass dat och de Fall – besonnesch an enger Zäit, wou d'Aufgaben vun der Bibliothéik stänneg wuessen. Ronn 12 000 ageschriwwen Utilisateuren an 33 000 Prêten am Joer 2009 schwätzen eng däitlech Sprooch. D'Nationalbibliothéik versuergt ee groussen Deel vum Lëtzebuerger Patrimoine intellectuel, an dee kënne mer net einfach verfaule loossen. D'Nationalbibliothéik ass e wichtege Pilier vun der Wëssensgesellschaft, en Instrument vum Universitéitsliewen, dat sech zu Lëtzebuerg entwéckelt, an dat muss optimal fonktionnéieren.

Loosse mer hoffen, dat de prioritäre Status vum Dossier Nationalbibliothéik, wéi d'Regierung dekaréiert hat, elo net Affer vun den allgemenge Spuermoossname beim Staat gëtt. ◆

radio 100,7

*Kulturchronik vum 2.2.2010*

*De Guy Engels ass Kulturredakter beim radio 100,7.*
*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*